N°1968
Entrée le 26.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 1968 vum 24. Februar 2025 vum Här Deputéierte Sven Clement.**

Den honorabelen Deputéierte freet a senger parlamentarescher Fro no der Positioun vun der Regierung bezüglech den ënnerschiddleche Primme vun de Gemenge beim Kaf vu Vëloen.

De Klimapakt encouragéiert d'Gemengen ënnert der Mesure 6.5.3 hir Bierger bei der Ëmsetzung vun hire Projeten am Klima- an Energieberäich duerch kommunal Bäihëllefen ze ënnerstëtzen. D'Festleeung vu kommunale Primmen fält awer ënnert d'Kompetenz vun de Gemengen. Dass hei ënnerschiddlech Primme beim Kaf vu Vëloen ausgeschott ginn ass eng Konsequenz vun der Gemengenautonomie.

De Bäihëllefe-Simulator vun der Klima-Agence regroupéiert all d'Klimabonus-Mesuren, wéi och d'Primme vun de Gemengen an de Fournisseuren a gëtt a reegelméissegen Ofstänn aktualiséiert: aides.klima-agence.lu.

Zousätzlech zu de Primmen, fir de Gebrauch vum Vëlo op lokalem Niveau ze fërderen ass et wichteg, dass de Staat zesumme mat de Gemenge weiderhin intensiv un engem duerchgoende Vëlosreseau schafft. De Staat huet sech hei e klore Programm ginn an en encouragéiert d'Gemengen duerch e Kofinanzement vun 30 % lokal Vëlosraccordementer un den nationale Vëlosreseau ze realiséieren.

Weiderhin ass et wichteg, dass d'Vëlosinfrastruktur sécher ass. De Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten huet dofir eng Rei Planungsinstrumenter a Recommandatioune fir d'Gemengen ausgeschafft. Hei ass éischtens den Internetsite www.veloplangen.lu ze erwäne wou eng Gemeng sech kann informéieren iwwert d'"règle de l'art" vun der Planung vun enger Vëlosinfrastruktur. Dann nach 2 weider Usammlunge vu Richtlinnen op den Internetsite www.apaisement.lu a www.parken.lu, déi ënner anerem Recommandatioune beinhalte wéi een en Duerfkär méi qualitativ héichwäerteg ka gestalten duerch Verkéiers-Berouegungsmoossnamen. De Staat bitt och INAP-Formatioune fir Gemengebeamten zu dësen Themen un.

Lëtzebuerg, de 26. Mäerz 2025

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes